ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Nominatioun vun enger neier Direktesch fir d'Nationalbibliothéik stelle sech nach eng Rei vu Froen. Eng vun deenen Ufuerderungen un d'Kandidate war d'Redaktioun vun engem „Concept paper", an deem si hir Iddien iwwer d'Zukunft vun der Nationalbibliothéik sollten duerstellen. Dee „Concept paper" ass dohier vun allgemengem Interessi fir déi breet Ëffentlechkeet.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Kulturminister gär folgend Froe stellen:

1. Ee vun den zwee Finalisten aus der zweeter Ausschreiwung, deen net zeréckbehale gouf, huet säin „Concept paper" publizéiert. Wëll d'Madamm Minister och de „Concept paper" vun der designéierter Direktesch publizéieren?
2. Wann d'Madamm Ministesch dee Pobeier net wëll ouni den Accord vun där designéierter Direktesch publizéieren, ass si averstanen, fir där zukünftseger Direktesch aus Transparenzgrënn ze recommandéieren, hiren „Concept paper" och ze publizéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten